A2

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Léisungen

## Kapitel 2

# Léisungen Kapitel 2

## *Verschidde Wunnengen* Säit 24-25

*2. Wéi wunnen d'Leit? Fëllt den Tablo aus.*

| | Wou wunnt d'Persoun? | Wéi grouss ass d'Wunneng? | Wat fir eng Zort Wunneng ass et? | Wie wunnt nach do? |
|---|---|---|---|---|
| 1 | **zu Réimech** | **125 m²** | e Reienhaus | seng Fra |
| 2 | zu Miersch | 75 m² | **en Appartement** | **seng Frëndin** |
| 3 | **zu Mamer** | **100 m²** | eng WG (Wunngemeinschaft) / eng Co-Locatioun | **3 Studenten** |
| 4 | **zu Wolz** | **160 m²** | **en Haus** | seng Elteren |
| 5 | **zu Bouneweg** | 30 m² | **e Studio** | **keen** |

## *Op Wunnengssich* Säit 26

*2. Liest den Dialog nach eng Kéier an ënnersträicht déi negativ Punkte vun de Wunnengen.*

Kuck emol, wéi fënns du dat Appartement hei? Et ass zu Iechternach. Et ass grouss an net ze deier.

Iechternach? Dat ass ze wäit! An et huet kee Balcon.

An dat hei? Et ass zu Stroossen, dat ass jo no bei der Stad. Et huet eng grouss Kichen an e Balcon.

Jo, d'Kichen ass grouss, mä d'Appartement huet just 75 Quadratmeter. Dat ass ze kleng. An et ass deier an et huet mol keng Parkplaz! An et ass keng Foto bei der Annonce…

Hmm, eng Wunneng sichen ass net einfach.
Ech fannen dat Appartement hei f ott. Et ass net bëlleg, mä et huet eng oppe Kichen, dräi Zëmmeren, e Buedzëmmer an eng separat Toilette. Et huet och e Balcon an eng Garage.
Wou ass et?

Zu Sandweiler.
A, interessant! Mä et ass um drëtte Stack an et huet kee Lift! Dat fannen ech net praktesch.
O, du hues Recht. Dat ass wierklech net praktesch!

# Léisungen **Kapitel 2**

## *Op Wunnengssich* Säit 27

*4. Liest den Dialog an d'Wierder an der Këscht. Féllt den Dialog fäerdeg aus.*

| Loyer | Hausdéieren | verlounen | Quadratmeter | Balcon | Residence |
|---|---|---|---|---|---|

- Bonjour, mäin Numm ass Gilles Lambert. Ech ruffen u wéinst Ärer Annonce an der Zeitung. Dir hutt e Studio ze **verlounen**? Ass en nach fräi?
- *Jo.*
- Wonnerbar! Wéi grouss ass en?
- *40* **Quadratmeter** .
- An der Annonce steet 500 Euro. Ass dat mat oder ouni Chargen?
- *Dat ass de* **Loyer** *ouni d'Chargen. D'Chargë sinn ongeféier 80 Euro.*
- A sou. Wou ass de Studio genee?
- *En ass an enger* **Residence** *no bei der Gare.*
- Gëtt et e **Balcon**?
- *Nee, leider net.*
- Sinn **Hausdéieren** erlaabt? Ech hunn en Hond.
- *Nee, et deet mer leed, dat geet net.*
- Schued. Merci fir d'Informatiounen.
- *Kuckt déi aner Offeren op eisem Site wunneng.lu. Mir hunn nach méi Studioen ze verlounen. Wann Dir Froen hutt, da rufft roueg nach eng Kéier un. Äddi!*
- Äddi.

*7. Lauschtert den Dialog. Ass dat richteg (R) oder falsch (F)? Kräizt un.* *27*

| | R | F |
|---|---|---|
| 1. D'Appartement ass ze verkafen. | ☐ | ☒ |
| 2. Et ass nach fräi. | ☒ | ☐ |
| 3. Et ass zu Dikrech. | ☐ | ☒ |
| 4. Et huet 45 m$^2$. | ☐ | ☒ |
| 5. Et kascht 567 € de Mount ouni d'Chargen. | ☐ | ☒ |
| 6. Eng privat Parkplaz kascht extra. | ☒ | ☐ |
| 7. Hausdéiere sinn erlaabt. | ☒ | ☐ |

# Léisungen Kapitel 2

## *Mäin Doheem* Säit 28-29

### *2. Wat huet d'Haus? Lauschtert a kräizt un.* *29*

- ☐ Späicher
- ☒ Buedzëmmer
- ☒ Schlofzëmmer
- ☐ Büro
- ☒ separat Toilette
- ☒ Stuff
- ☒ Kichen
- ☐ Iesszëmmer
- ☐ Keller
- ☒ Gaart
- ☐ Terrass
- ☒ Garage
- ☐ Piscine

### *3. Wat huet d'Haus a wat huet et net? Schwätzt zu zwee.*

*Zum Beispill:*
D'Haus huet eng Kichen, mä et huet keen Iesszëmmer.
Et huet e Gaart, mä keng Terrass.
Et huet eng Stuff, mä kee Büro.
Et huet e Buedzëmmer an eng separat Toilette.
Et huet kee Späicher a kee Keller.
Et huet eng Garage, mä keng Piscine.

### *6. Liest d'Froen an äntwert. Schafft an der Grupp.*


| | |
|---|---|
| 1. Wie wunnt an engem Haus? | **D'Silvia** |
| 2. Wie wunnt an enger WG? | **De Leo** |
| 3. Wie wunnt eleng? | **De Sascha** |
| 4. Wien huet e Buedzëmmer mat Buedbidden? | **D'Silvia** |
| 5. Wat fir eng Faarf huet dem Sascha seng Stuff? | **Gréng** |
| 6. Wéi vill Schlofzëmmere gëtt et beim Silvia? | **3** |
| 7. Wie wunnt um zweete Stack? | **De Sascha** |
| 8. Wéi vill Persoune wunnen an der WG? | **5** |

# Léisungen Kapitel 2

## *Mäin Doheem* Säit 29

*8. Wéi gesäit Är Dramwunneng aus?*
*Notéiert Stéchwierder.*

*Zum Beispill:*




## *Eng Plënneraktioun* Säit 30

*2. Wuer kommen d'Saachen? Lauschtert a schreift d'Sätz fäerdeg.* *33*

D'Still kommen an d'Kichen.
De Schreifdësch kënnt an de Büro.
D'Bett kënnt an d'Schlofzëmmer.
De Schaf kënnt an d'Schlofzëmmer.
D'Këschte kommen an d'Schlofzëmmer an an d'Stuff.
D'Steeluucht kënnt an d'Stuff.

# Léisungen Kapitel 2

## *En Tour duerch d'Haus* Säit 31

*Zum Beispill:*



# Léisungen **Kapitel 2**

## *De Stot maachen* Säit 33

*5. Liest den Dialog nach eng Kéier. Wat mécht de Marc net gär? Ënnersträicht.*

- Marc, hei ass de Botzplang vun eiser Wunngemeinschaft.
- *E Botzplang? A wat ass dat dann?*
- Majo, mir wunne jo elo zu véier hei zesummen a mir deelen eis d'Stuff, d'Buedzëmmer an d'Kichen. Hei um Plang si véier grouss Botzaktivitéiten an du bass all Woch fir eng aner Saach zoustänneg.
- *Aha! Wat sinn dann déi véier Botzaktivitéiten?*
- Éischtens d'Kiche botzen, zweetens d'Buedzëmmer botzen, drëttens d'Stuff stëbsen a staubsaugen, a véiertens d'Dreckskëscht an d'Recycling-Këschten eidel maachen.
- *D'Kiche botzen … wat heescht dat? Eng ganz Woch laang spullen an alles propper maachen? Ech <u>spulle</u> guer net gär!*
- Nee, nee! Jidderee spullt seng Saache selwer. D'Kiche botzen heescht de <u>Buedem staubsaugen</u> an <u>naass opbotzen,</u> an eng Kéier <u>d'Kachplack an d'Mikrowell propper maachen.</u>
- *Dat maachen ech och alles net gär. Ech wëll mech léiwer all Woch ëm d'Dreckskëscht an de Recycling këmmeren. Geet dat?*
- Nee, dat geet net. Mir hunn e Roulement. Mir maachen all net immens gär de Stot, mee d'Wunneng soll jo awer propper bleiwen.
- *Ok, ech verstinn. Wou ass d'Botzgeschier?*
- Dat ass am Keller am Schaf bei der Wäschmaschinn. Do steet och de Staubsauger, e Streckbriet an e Streckeisen.
- *O mei, <u>strecke</u> fannen ech schrecklech. Ech strecken ni!*

## *Aussprooch: ch* Säit 33

*2. Wat héiert Dir? Den* och-Laut *oder den* ech-Laut*? Lauschtert a kräizt un.* **36**

| | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| och-Laut | X | X | | X | | | X | |
| ech-Laut | | | X | | X | X | | X |

*3. Lauschtert nach eng Kéier a schreift d'Wierder an déi richteg Kolonn.* **37**

| ***och-Laut*** | ***ech-Laut*** |
|---|---|
| Buch | Kichen |
| Kach | Bicher |
| Saachen | sichen |
| laachen | Zich |

# Léisungen **Kapitel 2**

## *Land a Leit*

### *Wunnen zu Lëtzebuerg* Säit 36

*1. Liest d'Informatiounen op der Kaart a beäntwert d'Froen.*

| | |
|---|---|
| Wou wunne vill Leit? | **An der Stad an zu Esch.** |
| Wou wunne wéineg Leit? | **Zu Réimech.** |
| Wou ass d'Wunnen extra deier? | **An der Stad.** |
| Wou ass d'Wunne méi bëlleg? | **Zu Wolz.** |

*2. Wat sinn d'Vir- an d'Nodeeler vum Liewen an der Stad oder am Duerf? Maacht eng Lëscht mat positiven an negative Punkten.*

*Zum Beispill:*

| Stad | | Duerf | |
|---|---|---|---|
| *positiv* | *negativ* | *positiv* | *negativ* |
| vill Butteker | vill Verkéier | vill Natur | wéineg Bussen |
| gutt Busverbindungen | deier | roueg | net vill kulturell Institutiounen |
| vill kulturell Institutiounen | vill Kaméidi | | |